

Bisons futés

fnel scouts & guides

# DE BISON

# 2.TRIMESTER

# 2026

# E klengt Wuert vun der Redaktioun




Happy New Year

Mir wënsche jidderengem am Numm vun de Cheffen an dem Comité **ee glécklecht a gesond neit Joer 2026!** Mir freeën eis op eng schéin Zäit a vill onvergiesslech Momenter zesummen!

Dat neit Joer 2026 huet gestart an an dësem Trimester erwaarden iech flott Versammlungen a vill Aventuren. An dëser Editioun vum Bison fannt dir all néideg Informatioune fir dat 2. Trimester 2026.
Mir freeën eis op eng schéin Zäit a flott Momenter mat iech zesummen!

Fannt eis um Internet: Op **bisons.lu**, **Facebook** an **Instagram**.
Hei si mir ganz up-to-date mat Recaps an Erënnerungen un eis Aktivitéiten.
Gidd emol laanscht virwatzen an abonnéiert eis Säit! Sou verpasst dir keng vun de News oder Updates aus dem Grupp.

Facebook | Instagram | bisons.lu

# Nach méi Wierder vun der Redaktioun

**Et gëtt Nowuess bei de Bisons!**



Eis Bisonsfamill gëtt méi grouss: Mir heeschen d'Sophie häerzlech wëllkomm a wënschen him a sengen Elteren, dem Rasha an dem Jess, alles Guddes!

De Robi mëscht direkt zwou Scoutsfamilljen méi grouss: D'Bisons an d'Kiewerlécken heeschen hien häerzlech wëllkomm a wënschen him a sengen Elteren, dem Tom an dem Noémie, alles Guddes!


## OPRUFF

**Hues du Loscht Deel vun eiser Zeitung, dem Bison ze ginn?**
Dann ass dat hei deng Chance!

Du hues eppes geléiert a wëlls et an engem Artikel denge Kolleegen aus de Scouten ze liese ginn? Du wells dech kreativ ausliewen an eng Scoutsgeschicht schreiwen oder iwwer deng Aventuren aus de Scouten erzielen? Du hues flott Fotoe gemaach oder souguer eng Billergeschicht? Du hues nach aner Iddien, déi sëcherlech gutt an de Bison passen an déis du deele wells?

**Da schéck eis däin Artikel, deng Geschicht oder deng Fotoen iwwer Mail!** An der nächster Editioun vum Bison kritt jiddereen eppes vun dir an der Rubrik "**D'Bisons duerch är Aen**" ze liesen.

# Grupp allgemeng



## WEI KOMMEN ECH AN D'VERSAMMLUNG?

- Dem Wieder ugepasste Kleedung, déi därf knaschteg ginn
- Fest Schong
- E Bidon mat Waasser
- 5 Saache vum Wëllefchen/ Scoutsbichelchen
- De Foulard net vergiessen!

## D'VERSAMMLUNGEN

Eis Réunioune si Samschdes:

- Fir d'Wëllef an d'Scouten vu 16.00 bis 18.00 Auer
- Fir d'Explorer vun 18.00 bis 20.00 Auer



## ADRESSEN

**Eisen Iwwergangshome:**
6, Munneréferstrooss
L-5750 Frisange

**De FNELshome um Cents:**
61 A, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg

# FNEL News an Infos

## DE SCOUTSSHOP

Alles wat der braucht, fannt dir am **Scoutsshop** vun der FNEL:
De FNEL Scoutsshop ass rem all **Donneschden vu 17h00 bis 19h00** op, ausser an de Schoulvakanzen.

**Address**:

**FNEL Scouten**
**61 A, rue de Trèves**
**L-2630 Luxembourg**




Hei de Link fir den **Onlineshop** vun der FNEL. Et lount sech eng Kéier luussen ze goen:
https://shop.fnel.lu

## WICHTEG NUMMEREN

**Mustela (CG)**: +352 621 392 662
**Otus (ACG)**: +352 621 728 951
**FNEL**: +352 26 480 450

# Save the dates

## MARCHE GOURMANDE

Den **3. Mee 2026** fënnt eis traditionell Marche Gourmande statt. Eise Comité beméit sech wéi all Joer erëm fir ee leckere Menu an ee flotte Wee zesummenzestellen.
Haalt iech deen Dag gären am Kalenner fest. Weider Informatioune komme no!



## GRUPPECAMP

Dëst Joer fennt de Gruppecamp fir d'Scouten, d'Explorer an d'Rover vum **09.08.2026 bis den 16.08.2026** zu Ludesch an Eisträich statt. Weider Informatiounen kommen no.


## SIXPLO

Den alljärlechen Sixplo ass dëst Joer vum **25.04. bis 26.04.2026** um Neihäischen. Dëse fënnt am Thema Minions statt. Weider Informatiounen kommen no.




## SEEFEKËSCHTERENNEN

D'Seefekëschterennen fir d'Explorer fënnt den **10.05.2026** bei den Loutres zu Miersch statt.
Schreiwt iech et an den Kalenner.



# D’Bisons duerch är Aen



**Wësst dir eigentlech wéi eis Zeitung *De Bison* entsteet?**

All Trimester setzt eis Bisonsredaktioun sech zesumme fir eng néi Editioun vum Bison ze schreiwen.

Dat heescht konkret:

- All déi néideg Informatioune vun eise Cheffen an eisem Comité sammelen
- Am FNEL’s Kalenner nokucken, wat dat Trimester vu federalen Aktivitéiten usteet
- D’Brancheprogrammer opstellen
- Fotoréckblecker zesummeschneiden
- E coolt Rätsel bastelen an Funfacts raussichen
- Gruppenews erausfannen
- D’Rubrik *D’Bisons duerch är Aen* mat Inhalter vun eise Membere fëllen
- Iwwerliese vun eis a vun eise Gruppecheffen
- Save the dates
- Verschéineren
- Un eis Membere schécken an dono réischt nach kleng Feeler fannen ;)

Lénks Patt,

Är Lieblingsredaktioun
Aurélie an Denis :)



# Fotoréckbléck vum Grupp



















# Fotoréckbléck - Tembo Skivakanz






















# Eis Cheffen

## EIS WËLLEFCHERSCHEFFEN

WELLEFCHER@BISONS.LU



Kotick (Sarah), CM



Tha (Aurélie), CM

Ikki (Gabriela)



Akela (Selena)

Oo (Kayla)



Baloo (Pol)

Messua (Julie)



Mysa (Noémie)



Rikki-Tikki-Tavi (Lenny)

# Eis Cheffen

## EIS SCOUTSCHEFFEN

SCOUTEN@BISONS.LU



Kelly, CT

Julia





Lenny



Denis



Noémie

Kaé





Olivier



Anika



Thibaut

# Eis Cheffen

## EIS EXPLORERRESPONSABEL

EXPLORER@BISONS.LU

## EISE ROVERRESPONSABELEN

ROVER@BISONS.LU



Mustela, RUE



Frédéric (Otus), ARUE



Michel, ARUE



Benny, CR

## EIS TEMBORESPONSABEL

Patricia

## EIS GRUPPECHEFFEN

GRUPPECHEF@BISONS.LU



Mustela, CG



Frédéric (Otus), ACG

# Wëllefchersprogramm

**LU:** Léif Wëllef, léif Elteren,

Mir hoffen dir hat schéi Feierdeeg a sidd gutt an dat néit Joer gerutscht!
Dat éischt Trimester hu mir mat eisem flotte Wantercamp ofgeschloss, wou mir vill nei Wëllefcher an eise Ruddel ophuele konnten. Mee sidd net traureg, déi nächst spannend Abenteuer loossen am zweeten Trimester net laang op sech waarden!

Eis Versammlunge fanne wéi gewinnt vu 16:00 bis 18:00 Auer statt. Fir d'Versammlunge brauchs du :

o Dem Wieder ugepasste Kleeder, déi och kënne knaschteg ginn
o E Bidon mat Waasser
o Dem Wëllefchen seng 5 Saachen

Bei wéider Froe kontaktéiert eis per Mail: wellefcher@bisons.lu

Lénks Patt,
Är Cheffen

**FR :** Chers louveteaux et parents,

Nous espérons que vous avez passé de bonnes fêtes et que vous avez bien commencé la nouvelle année !
Nous avons clôturé le premier trimestre avec notre camp d'hiver, où nous avons pu accueillir de nombreux nouveaux louveteaux dans notre meute. Mais ne soyez pas tristes, car il y a encore beaucoup d'aventures qui vous attendent au deuxième trimestre !

Comme d'habitude, les réunions ont lieu de 16h00 à 18h00 heures. Pour les réunions, tu auras besoin :

o De vêtements adaptés à la météo !
o D'un bidon
o Des cinq affaires du louveteau

Pour toute question, contactez-nous via courriel : wellefcher@bisons.lu

Patte gauche,
Vos chefs

# Wëllefchersprogramm

| | |
|---|---|
| 10.01 | Versammlung |
| 17.01. | Versammlung |
| 24.01. | Versammlung |
| 31.01. | Versammlung |
| 07.02. | Versammlung |
| 14.02. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 21.02. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 28.01. | Versammlung |
| 28.02. | Versammlung |
| 07.03. | Versammlung |
| 14.03. | Versammlung |
| 21.03. | Versammlung |
| 28.03. | **keng Versammlung - Vakanz** |

** Informatioune kommen no

# Fotoréckbléck - LX



















# Scoutsprogramm

| | |
|---|---|
| 10.01 | Versammlung |
| 17.01. | Versammlung |
| 24.01. | **Sortie*** |
| 31.01. | Versammlung |
| 07.02. | Versammlung |
| 14.02. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 21.02. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 28.02. | Versammlung |
| 07.03. | Versammlung |
| 14.03. | Versammlung |
| 21.03. | **Explo*** |
| 28.03. | **keng Versammlung - Vakanz** |

* Informatioune kommen no

# Fotoréckbléck - SC









D'Scoute, wann d'Cheffe soen, dass mir eppes flottes maachen:



D'Scoute, wann eppes flottes ënnerholl gëtt:





# Explorerprogramm


| | |
|---|---|
| 10.01 | Versammlung |
| 17.01. | Versammlung |
| 24.01. | Versammlung |
| 31.01. | Versammlung |
| 07.02. | Versammlung |
| 14.02. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 21.02. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 28.01. | Versammlung |
| 28.02. | Versammlung |
| 07.03. | Versammlung |
| 14.03. | Versammlung |
| 21.03. | Versammlung |
| 28.03. | **keng Versammlung - Vakanz** |

* Informatioune kommen no

# Fotoréckbléck - EX














# Rover-Temboprogramm

| | |
|---|---|
| 10.01 | Versammlung |
| 17.01. | Versammlung |
| 24.01. | Versammlung |
| 31.01. | Versammlung |
| 07.02. | Versammlung |
| 14.02. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 21.02. | **keng Versammlung - Vakanz** |
| 28.01. | Versammlung |
| 28.02. | Versammlung |
| 07.03. | Versammlung |
| 14.03. | Versammlung |
| 21.03. | Versammlung |
| 28.03. | **keng Versammlung - Vakanz** |



* Informatioune kommen no


# Funfacts





Wosst dir, dass *Bisons Futés* net just de Numm vun eisem Scoutsgrupp ass, mee och en franséichen Verkéiersinformatiounsdéngscht. https://www.bison-fute.gouv.fr/

Eise Chefscout ass den Grand-Duc Guillaume.




Wann an Europa Summer ass, ass an Australien Wanter. Dofier maache si och fir Chrëschtdag e Summergrillen.



Den Duerchschnëttsalter vun eise Cheffen leit bei 23,08 Joer.




D'FNEL huet 29 (30) aktiv Gruppen uerchtert Land.



# Rätselspaass

Kreuzworträtsel



1. Hei liewe Bison'en.
2. FNELs Grupp vun Diddeleng (2 Wierder)
3. Dem Jonna säin Totem.
4. Dat brauchen d'Scoute fir hir Sortie.
5. E gossen Dëppen fir op d'Feier (2 Wierder)
6. D'Lëtzebuerger Scoutsvereenegung
7. Grousse Camp fédéral 2024
8. De Bier am Dschungelbuch
9. Scouten op Däitsch

## EMFRO

Mir wëllen erausfannen, ween eis Zeitung liest. Mir géiffen eis freeën, wanns du emol op dëse Link klicks an einfach “jo” ukräitz. Wanns du eis soss eppes matdeele wëlls, hues du hei och d’Méiglechkeet. Mir freeën eis iwwer all Feedback.

https://forms.gle/6DgULqZoeqwirD767

Merci!



Léisungswuert: Spullstrooss

# Bis geschwënn!




ÄR BISONSREDAKTIOUN,
DENIS AN AURÉLIE